N°7
Entrée le 19.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/12/2023

**Här President,**

**Am Kader vun der Froestonn vum 19ten Dezember 2023 wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet eng mëndlech Fro stellen.**

Am September huet de verrëschte Minister fir d'Sozialversécherung ugekënnegt, dass d'Software fir de PID, de Payement immédiat direct, mat deem d'Patient:innen hei am Land just nach hiren Deel vun der Rechnung iwwerhuele mussen, prett fir d'Installatioun wier. An enger éischter Linn soll de Programm bei de Generalist:innen installéiert ginn, äert duerno Zänndokter:innen a Spezialist:innen un d'Rei kommen. Gläichzäiteg goufe 625€ pro Installatioun an Aussiicht gestallt, fir ee finanziellen Ureiz unzebidden. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°20 koum dunn eraus, dass just 15 vu 523 Generalist:inne bis dohin de Programm installéiere gelooss hunn. Dat entsprécht just 3 Prozent vun allen aktive Generalist:innen hei am Land.

**An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:**

Wat gedenkt d'Ministesch ze ënnerhuelen, fir dass séier méi Dokteren hei am Land de Programm fir de Payement immédiat direct installéiere loossen, fir dass d'Patient:innen endlech dovu kënne profitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven Deputéierten